1-2021-0-?1-6939-01 (n° 3761)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Roy Reding

2

**MOTIOUN**

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2022

HA au sujet du pouvoir d'achat des ménages.

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, **datt:**

- d'Energiepräisser zu Lëtzebuerg 2021 ni gekannte Rekordstänn erreecht an zu engem allgemenge Kafkraftverloscht an der Gesellschaft gefouert hunn;
- déi Leit déi wéineg verdéngen a Famille mat Kanner vun dëser Entwécklung naturgeméiss besonnesch belaascht ginn;
- datt Energie zu de mënschleche Grondbedierfnesser zielt;
- datt déi zousätzlech Präisexplosioun bei den Düngemëttel sech entspriechend op d'Liewensmëttelpräisser auswierke wäert;
- déi allgemeng Steierpolitik vun der aktueller Regierung dës Problematik massiv verschäerft huet;

ass sech bewosst, datt:

- d'TVA, déi och op sämtlech aner Steieren an Accise applizéiert gëtt, eng Hiewelfunktioun bei der Entlaaschtung vun de Stéit zeguttkomme kann;

fuerdert d'Regierung op,

- de Baueren, déi duerch déi massiv Deierecht vun den Düngemëttel ënnert staarkem finanziellen Drock stinn, zousätzlech finanziell Hëllefen zoukommen ze loossen;
- d'Héicht vun der Deierungszoulag nach eng Kéier no uewen unzepassen an d'Präisentwécklung besonnesch och bei den Energiekäschten an der neier Zomm entspriechend ze berécksiichtegen;
- e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir déi automatesch Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun vum 1. Mäerz 2022 un nees dauerhaft a Kraaft ze setzen;
- den éischte Sockel vum Barème sou opzestellen, datt de Mindestloun fir d'Gesamtheet vun de Bierger steierfräi bleift;
- d'Zäregassteier op Mazout fir ze hëtzen an op Brennstoffer fir Gefierer op den Datum vum 1. Mäerz 2022 ersatzlos auslafen ze loossen;
- vum 1. Mäerz 2022 un de superreduzéierten TVA's Saz vun 3 Prozent op sämtlech Energieproduiten an op Mietwunnengen ze applizéieren.

Roy Reding

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**